



► **Une voix.** - Et ass wouer!

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Esou einfach ass et net. Esou simplistesch Äntwerten...

► **Une autre voix.** - Voilà!

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - ...sinn et net.

**(Interruptions)**

Ganz dervun ofgesinn, dass fir dee Projet scho laang Preparatiounsarbechten amgaange sinn an et eng grouss Verschwendung vun öffentleche Sue wär, wär et och dee komplett falsche Wee, fir de Projet ze stoppen. Den Tram ass dréngend noutwendeg an et gëtt och keng Alternativ, fir d'Verkéiersopkommen aneschtens ze géréieren. Ech schwätzen do emol net eleng vum aktuelle Verkéiersopkommen, mä virun allem vun deem, wat an den nächste Joren a Jor-zéngte soll derbäikommen.

Ech héieren hei vu verschiddene Säiten: „Ach!“. Et kéint een eng Kéisklack iwwer Lëtzebuerg maachen a soen: „Mir wëllen näischt Neies zu Lëtzebuerg.“ Keng nei Betriber, keng nei Leit! Dat si schéi Perspektiven, Här Gibéryen!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

**(Interruptions)**

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Ma ech héieren hei: „Ach!“, wann ech soen, dass den Développement vun eisem Land deen een oder deen aneren hei géif stéieren!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Et gëtt eng Alternativ zum Tram!

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Et si Quartiere vun der Stad Lëtzebuerg an den Nopeschgemengen amgaange sech ze développéieren, wou an deenen nächste Joren en enorme Wuesstum erwaart gëtt. Dat géillt zum Beispill fir Gasperech, Holle-rech, awer och Houwald, Findel an d'Gemeng Stroossen. Déi Géigende ginn an den Tramsprojet integréiert. An domadder ass et dann och kloer, dass déi dacks zitëiert Alternativ, wéi eng Seelbunn queesch iwwert d'Stad, zwar touristesch vläicht attraktiv kéint sinn, awer kee Problem léist!

De Projet vum Tram ass en Invest an d'Liewensqualitéit. Et ass och en Invest an d'Attraktivitéit vun eisem Land an domadder an d'Kompetitivitéit. D'Entreprises, déi sech zu Lëtzebuerg wëllen implantéieren an Aarbechtsplaze schafen - jo, dat si si, déi et maachen! -, kucken och derno, wéi praktesch et ass, fir vun A op B ze kommen, wéi sécher et ass, wéi breet déi kulturell Offer ass a wéi gutt d'Kanner vun de Mataarbechter an de Schoulen oder an enger Struktur betreit ginn. An deem Sënn muss een och Investitiounen gesinn, déi op den éischte Bléck nëmmen eng grouss Dépense am Budget ausmaachen.

Erlaabt mer, nach op ee Punkt ze schwätzen ze kommen, dee mer um Häerz läit. Ech hunn uganks eng Situatioun vun eise Statsfinanze beschriwwen, déi eis d'Hausaufgaben als Regierung net méi einfach mécht. Bei enger Diskussioun, wéi se den Ament an elo an den nächsten Deeg a Woche sécher nach verstärkt gefouert gëtt, ass et einfach, an Demagogie an och an den Egoismus ze verfalen.

Eis Kooperatiounshëllef ze kieren ass keng Optioun. Mir erliewen am Moment Konflikter an Europa, un de Grenze vun der EU, awer och am Noen Osten, am Irak, an Afrika. Mat der Ebola-Epidemie kann een all Dag suivéieren, wéi grouss de Misär ass a Länner, wou d'Mënschen näischt maache kënnen ausser nokuken, wéi hir Kanner, hir Elteren, Geschwëster a Frënn stierwen. Et ginn Naturkatastrophen uechtert d'Welt, wou Milliounen vu Leit hir Famill an hiert Doheem verléieren.

An awer: D'Kooperatiounspolitik ass kee puren Altruismus. Mir denken net nëmmen un déi, déi eis Hëllef brauchen. Wa mer éierlech sinn, dann ass eis Kooperatiounshëllef och Hëllef fir eis selwer. Wa mer de Leit, déi net d'Chance haten, an der Mëtt vun Europa op d'Welt ze kommen, méi Perspektive ginn an hinnen hëllef, sech selwer ze hëllefen, da gi mer hinnen och méi Ursachen, hiert Liewe bei sech doheem ze gestalten, a Stabilitéit an a Fridde kënnen ze liewen. Perspektive fir Partnerlänner sinn och Perspektive fir Lëtzebuerg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet net ëm eis. Et geet net drëms, recht ze hunn, mä drëms, et richtig ze maachen. Als Regierung si mir fest decidéiert, déi néideg Reformen virunzedreien an d'Land op dat virzebereeden, wat virun eis läit. Wann de Finanzminister muer de Budget mat den definitiven Zuelen déposéiert, dann ass dat e Budget, an deem op d'Ausgaben opgepasst gëtt an d'Investitiounen weider héich sinn. Et ass awer och en Effort, dee kollektiv ass.

Egoismus ass eng Astellung, där et u Wäitsicht feelt. Wien haut no sech kuckt, steet muer eleng do. Wat mer haut hunn, gehéiert eis net eleng, mä och de Generatiounen, déi no eis kommen. Mir mussen dofir als Bierger vun deem Land um selwechte Seel zéien, an am beschten och an déiselwecht Richtung.

Mir wëllen, dass et och an Zukunft attraktiv ass, fir zu Lëtzebuerg ze liewen an ze schaffen. Wa mer elo ëmdenken an elo handeln, schafe mer nei Perspektive fir jiddwereen. Perspektive fir Lëtzebuerg!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

**(Applaudissements)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci dem Här Statsminister. Ech ginn him Akt vu senger Deklaratioun.

D'Debatte fanne muer de Moien ab 9 Auer statt. Ech wollt der Chamber proposéieren, fir eis Aarbechten elo fënnf Minutten ze ënnerbriechen, aus organisatoreschen Ursachen, an dann direkt erëm duerno mat eisem Rescht vum Ordre du jour weiderzefueren.

Villmools Merci.

**(La séance publique est suspendue à 16.38 heures.)**

\*\*\*

**(La séance publique est reprise à 16.46 heures.)**

Eis Sëtzung ass erëm op a mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et ass d'Proposition de loi 6623 iwwert d'Enquêtes parlementaires. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeloegt. Et hu sech schon ageschriwwen: déi Häre Gilles Roth a Serge Urbany an d'Madame Joëlle Elvinger. Et ass nach Zäit, fir sech ze mellen.

An ech géif direkt dem Rapporteur an Auteur, dem Här Alex Bodry, d'Wuert ginn.

## 16. 6623 - Proposition de loi modifiant la loi du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*), *auteur-rapporteur.* - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dëser Proposition de loi handelt et sech ëm eng Ofännerung vun eisem Gesetz vun den Enquête-parlementaires. E Gesetz, wat relativ rezent ass, wat den Datum dréit vum 27. Februar 2011, wat mer mat grousser Majoritéit hei gestëmmt hunn, an deem mer op eng Rei vu Froen zréckkomm waren, déi d'Enquête parlementaire, den Droit d'enquête vun der Chamber - wat eng wichteg Kontrollfunktoun ass vum Parlament par rapport zur Exekutiv - nei geregelt hunn.

Dëst Gesetz vun 2011 ass eng éischte Kéier zur Applikatioun komm, ganz konkret, bei der Enquête parlementaire ronderëm de Service de Renseignement, eng Décisioun, déi 2012 geholl ginn ass an déi dann och an engem Rapport 2013 hiren Nidderschlag fonnt huet.

Bei den Aarbechten, déi mer an der Enquêtekommissioun haten, hu sech direkt eng Rei vu praktesche Froen gestallt, wat d'Organisatioun vun eisen Aarbechten ugeet: wéi mer géife mat den Zeien ëmgoen, wéi mer géifen eis Missiounen exekutéieren. A mir hu festgestallt, dass et u sech néideg wär, eng Rei vu Präzisatiounen an den Text eranzeschreiwen, och den Text vum Gesetz vun 2011 ze vervollstännegen op eenzelne Punkten, well en eigentlech keng Antwort ginn huet op déi praktesch Froen, déi sech eis gestallt hunn, wéi mer wollten eis Missioun als Chamber, als Enquêtekommissioun maachen.

Et ass also aus deenen Iwwerleeungen eraus, dass an de Konkusiounen vun der Commission d'enquête iwwert de Service de Renseignement och festgehal e gi war, eng Rei vu Modifikatiounen virzehuelen an deem Basisgesetz vun 2011 iwwert d'Enquêtes parlementaires.

Ech hu mer dunn erlaabt ze probéieren, déi Modifikatiounen, déi Virschléi, fir eng Verbesserung vum Text ze hunn, ze formuléieren. An ech hunn den 2. Oktober 2013 dunn eng Proposition de loi hei an der Chamber agereecht, déi och nach gekoppelt war un eng Proposition, fir den Artikel 64 vun der Verfassung ëmzeänneren, fir esou och enger Minoritéit, an zwar engem Drëtzel vun der Chamber, d'Méiglechkeet ze ginn, fir kënnen eng Commission d'enquête hei anzekloen an asetzen ze loosse.

Deen zweete Volet hu mer fale gelooss. Dat war eng einmüteg Entscheedung, well mer net wollten enger grousser Verfassungsreform hei virgräifen. Mä ech mengen, et besteet awer e politesche Konsensus, fir ze soen, dass d'Recht,

fir eng Enquêtekommissioun anzesetzen, an Zukunft net nëmme soll der Majoritéit praktesch virbehale sinn, mä dass och eng staark Minoritéit vun dem Parlament soll kënnen esou en Enquêtekommissiounsasaz forcéieren.

Bon, fir mech ass et eng rar Satisfaktioun, scho relativ kuerz nom Dépôt vun dëser Proposition de loi och schnell konfrontéiert ze gi mat engem Avis vum Statsrot. An ech si frou, dass d'Kolleginnen an d'Kollege mech och als Rapporteur vu menger eegener Proposition de loi hei bestëmmt hunn, déi mer och intensiv an der zoustänneger Institutiounskommissioun vun der Chamber diskutéiert hunn, woubäi mer eng Navette hate mam Statsrot, dem Statsrot, dee vum Prinzip hier d'accord war mat der Ausrichtung vun der Proposition de loi, esou dass mer lech also hei kënnen en Text proposéieren, dee vun der grousser Majoritéit vun der zoustänneger Commissioun och gedroe gëtt.

Ech wëll kuerz erwähnen, wat déi punktuell Ännerunge sinn, déi mer elo schlussendlech zréckbehalen hunn an déi och praktesch an enger ähnlecher Form a menger ursprénglecher Proposition de loi schonn dra waren.

Déi éischt Fro ass déi - déi huet sech och praktesch gestallt: Wéi gi mer mat der Publicitéit vun eisen Aarbechten ëm, wat jo de Prinzip ass? D'Commissions d'enquêtes, am Prinzip, tagen öffentlech. Wat geschitt do mat de Re-transmissiounen, notament iwwer Bild?

Do hu mer eis sengerzäit och renseignéiert am Bundestag, wéi déi dat maachen. An hei gëtt eigentlech proposéiert och déi Praxis, déi mer elo hu misse schafe bei dem éischten Asaz vun der Enquêtekommissioun nom neien Text. Hei hu mer eigentlech déi och iwwerholl. An do ass de Prinzip, dass zwar kann den Toun bei enger öffentlecher Unhéierung mat iwwerdroe ginn, mä wat d'Bild ugeet, do muss eigentlech den Zeien d'accord sinn, dass säi Bild och gläichzäit mat transmettéiert gëtt.

Den zweete Punkt, dat ass de Beräich vun de prakteschen Ausféierunge vun deene Mesures d'instruction, déi d'Commission d'enquête ze maachen huet. Dir wësst, dass et nom Gesetz esou ass, dass déi Commission d'enquête eigentlech sämtlech Mesures d'instruction, wéi de Code d'instruction criminelle se virgesäit, och kann exekutéieren. Nun ass déi net aus geschoulten Enquêteuren zesummegeat, déi Commissioun, mä aus Deputéierten, déi vu verschiddenen Horizonten hierkommen an déi sécherlech net am beschte gestiwwelt sinn, fir komplizéiert Mesures d'instruction ze maachen.

Mir haten dat Beispill, ganz einfach, fir Scelléen ze leeë respektiv fir d'Scelléen erëm opzehiewen. Ech hätt eis als Deputéiert gäre gesinn, dovun ofgesinn, dass mer d'Material net hätten, wéi mer dat do sollte praktesch maachen. Do hu mer op d'Force publique zréckgegraff, mä eigentlech gesäit den Text, wéi en nach haut besteet, dat net vir. Dofir wëlle mer an Zukunft also d'Méiglechkeet hei draschreiwen, dass déi Commissioun kann d'Force publique requéréieren, fir hir ze assistéieren bei der Ausübung vun hire Mesures d'instruction.

Grad wéi mer och festgestallt hunn, dass et heiansdo wichteg ass fir eenzel Mesures d'instruction, de President oder e bestëmmte Member kënnen ze delegéieren, déi Aarbechten am Numm vun der Commissioun ze maachen. Esou ass et de facto och eigentlech geschitt an der leschter Commissioun, wou och de President dann déi grouss Eier hat, an den Archive vum Service de Renseignement bei dem Scellé-Leeën a Scellé-Opmaachen derbäi ze sinn. Streng geholl hätt déi ganz Commissioun dat eigentlech ëmmer misse sinn.

Dat stelle mer kloer. Also, fir spezifesch Missiounen kann also d'Kommissioun selwer decidéieren, hir Pouvoiren ze delegéieren un een oder méi Membere vun der Commissioun, fir also prezis Aarbechten an hirem Numm kënnen ze maachen an dono natierlech e Rapport ze gi vun hiren Aarbechten.

Dann, den nächste Punkt, dat ass deen, dass mer och wollte kloerstellen, wéi et ass, wa vum Parquet eng einfach Enquête préliminaire ordonnéiert gëtt, wéi den Artikel 46 vum Code d'instruction criminelle dat virgesäit. Wat geschitt da mat den Aarbechte vun der Commissioun? Ënnerbrécht déi Enquête préliminaire déi Aarbechten oder mécht se et net?

Mir hunn eis och do renseignéiert. Do gëtt et Jurisprudenz och a Frankräich. An hei géife mer déiselwecht Léisung proposéieren: dass eng einfach Enquête préliminaire duerch de Parquet d'Aarbechte vun der Commissioun zu deenen dote Faiten net ënnerbrécht. Déi ginn nëmmen ënnerbrach, wann et eng regelrecht Enquête préparatoire gëtt am Sënn vum Artikel 49 vum Code d'instruction criminelle. Do géillt dann, dass u sech d'Chamber net där parallel zur Justiz enquêtéieren iwwert déi-

selwecht Faiten, wat jo ee vun de Grondprinzipien ass vun eiser neier Législatioun iwwert d'Enquêtes parlementaires.

Dann hu mer och festgestallt, dass déi absolut Regel, déi haut drasteet, déi seet, dass also eigentlech d'Kommissioun nëmme kann Zeien héieren an all Zeie muss ënner Eed aussoen, dass déi zwar oft spilt, mä zum Beispill awer e bëssen déplacéiert ass, wa mer zum Beispill - wat mer hei haten - fréier Membere vun der Commission de Contrôle parlementaire héieren hunn, fir dass si eis sollten iwwer hir Erfahrung berichten aus deenen dote Joren.

Déi hätte mer no eisem aktuellen Text eigentlech misse formell assermentéieren, fir ënner Eed eis ze erzielen, wéi se hir Aarbechte gesinn hunn, wat fir eng Konkusioun si eigentlech aus der Aarbechtsmethod vun der Commission de contrôle erausgezunn hätten. Dat ass net realistesch. An dofir soll an Ausnahmefäll d'Commission d'enquête selwer kënnen decidéieren, eenzel Leit einfach esou ze héieren, à titre de simple renseignement, an net als vereedegten Zeien, mat all deene Konsequenzen, déi dat dann och mat sech zitt.

Dann, deen nächste Punkt ass, dass mer kloerstellen - do war d'Formulatioun e bëssen onglécklech am aktuelle Gesetzestext -, dass all Piëcen, all Dokumenter an all Protokoller, déi Indizien iwwer eng Infraktioun enthalten, d'office vun der Commissioun un de Procureur d'État musse weidergereecht ginn.

An, siwente Punkt: dass och kloer ass, wéi déi Aarbechte vun der Commissioun zum Schluss kommen. Dat huet jo och an der Hektik vum leschte Summer 2013 bei der Ofschlossdebatt hei iwwert de Rapport vun der Commission d'enquête vum Service de Renseignement fir e gewëssen Duerjerneen a fir Konfusioun gesuert. A mir wollten also kloerstellen, wéi dat ass.

Eiser Meinung no - dat ergëtt sech elo aus deem neien Text - ass et esou, dass déi Commission d'enquête, déi jo agesat gëtt vun der Chamber, herno e Rapport mécht, dass se e Rapport mécht, wou se och muss op eventuell Responsabilitéiten agoen, déi se festgestallt hätt, an dass et dann un der Chamber en séance plénière ass, d'Konklusiounen ze zéie vun den Aarbechte vun der Commissioun. Si kann dann eventuell dee Rapport einfach guttheeschen a soen: „Mir halen dee Rapport gutt.“ Si kann awer och nëmmen Deeler als Konkusioun zréckbehalen, respektiv kéint se theoretisch - mä dat wär allerdéngs schonn e bëssen e Cas de figure, deen exzeptionell wär - aner Konkusiounen huele wéi d'Commission d'enquête.

Mä wichteg ass, dass awer d'Konklusiounen och vun der Plénière geholl ginn. D'Plénière huet jo déi Commissioun agesat, fir an hirem Numm eng Enquête ze féieren. Dann ass et och un der Plénière eigentlech, fir d'Konklusiounen vun den Aarbechten herno definitiv, opgrond vum Rapport vun der Commissioun, ze zéien. Dat gëtt elo kloergestallt an deem neien Text.

Dann dee leschten an aachte Punkt, dee mer hei änneren, dat ass deen, dass mer och fonnt hunn, dass et néideg wär, eng zäitlech Begrenzung anzeféieren. Eng Commission d'enquête ass keng permanent Commissioun vun der Chamber. Déi ass noutgedrongen opgrond vun hirem spezifischer Missioun zäitlech begrenzt. Mir hunn awer och gesi bei der Commission d'enquête vum Service de Renseignement, dass déi Aarbechten awer kënnen intensiv sinn a laang daueren.

Dofir ass hei proposéiert, dass mer am Prinzip eng maximal Dauer vun néng Méint virgesinn, wat d'Aarbechte vun der Commissioun do ugeet, mä dass awer d'Chamber selwer, déi d'Kommissioun jo asetzt, kann decidéieren natierlech, eventuell och eng Verlängerung vun der Dauer do ze maachen. Mä da muss se natierlech en Tëscherappart kréie vun der zoustänneger Commissioun an et muss da motivéiert ginn, firwat déi Commissioun wëllt méi laang schaffe mat hiren Aarbechten.

Voilà, dat wären, mengen ech, déi wichtegst Punkte vun där heiter Proposition de loi, déi zum Zweck huet, fir eis aktuell Gesetzgebung iwwert d'Enquêtes parlementaires ze optiméieren, eng Rei vu Lacunnen opzefüllen, se ze vervollstännegen op anere Plazen. Ech wëll awer och hei d'Chamber an och de Chamberspräsident drop opmierksam maachen, dass, well et sech hei ëm d'Enquêtes parlementaires handelt, déi och en Nidderschlag am Reglement vun der Chamber hunn, mer och wäerte mussen d'Reglement vun der Chamber upassen un dee Gesetzestext hei, deen dann





hoffentlech vun der Chamber wäert gestëmmt ginn. Op jidde Fall loosse d'Aarbechten an der zoustänneger Kommissioun dorobber schléissen.

Dofir géif ech och am Numm vun der Kommissioun bieden, deen heiten Text esou ze stëmmen, wéi e virläit, an ech géif natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu där heiter Proposition de loi virbréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An als éischte Riedner huet den Här Gilles Roth fir d'CSV d'Wuert. Här Roth.

#### Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt dem President vun der Institutionskommissioun, dem Rapporteur an dem Auteur vun der Proposition de loi, dem Alex Bodry, félicitéiere fir säi méndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech wëll dat kloer soen am Ufank: De Paul-Henri Meyers, deen huet am Oktober d'lescht Joer am Numm vun der CSV-Fraktioun dës Proposition de loi, oder wéi se ursprénglech ausgesinn huet, mat ënnerschriwwen. An d'CSV wäert och no de Wahlen zu dëser Proposition de loi stoen, net nëmmen aus Konsequenz, mä virun allem, well mer iwwerzeegt si vun dem Sënn vun dëser Proposition de loi an eng ganz Rei vu Grënn hunn, fir déi matzedroen.

Den éischte Punkt ass eigentlech deen, dass dee sougenannten „droit d'enquête“, an den Alex Bodry huet et virdu gesot, eigentlech e redoutabelt Instrument vun der Chamber ass, fir den administrativen an deen institutionelle Fonctionnement vum Stat ze kontrolléieren. Den Droit d'enquête ass eigentlech an der Verfassung virgesinn am Artikel 64. Mä dee gesäit just de Prinzip vir an e seet, fir de Rescht soll d'Gesetz dat regelen.

E gëtt eigentlech oft zesumme genannt - quitte dass et kee richtigen Zesammenhang gëtt - mat dem Artikel 78 aus der Verfassung, deen iwwert d'Responsabilitéit vun de Ministere befënn. An dofir steet den Droit d'enquête och schonn zënter 1848 an eise Verfassungen. Et gouf 1911 e Gesetz an - den Alex Bodry huet et gesot gehat - d'Gesetz, wou mer haut Upassung maachen, dat ass dat Gesetz, wat mer 2011 mat enger larger Majoritéit an der Chamber gestëmmt hunn.

Dat ass also deen éischte Grond: Well den Droit d'enquête e wichtegt Instrument fir d'Chamber ass an hirer Kontrollfunktioon, muss et och kloer Regele ginn, wéi an enner wat fir engen Émstänn dat Recht ka genotzt ginn. Dofir ass dat en éischte Grond, fir dass mer als CSV dëser Proposition de loi zoustëmmen.

Den zweete Grond ass deen, dass et sech am Laf vun där sougenannter SREL-Enquêtëkommissioun vum leschte Joer gewisen huet, dass et eng gewëss Grozou gouf vu praktesche Froen, déi sech am Laf vun där Enquête gestallt haten an op déi mer net ëmmer eng virgefaassten Antwort haten. Ech wëll och dofir, mengen ech, nach eng Kéier drun erënneren, dass et där gesamter Kommissioun ëmmer dru geleeë war, onofhängeg vun alle politeschen Divergenzen, fir pragmatesch Léisungen zu deene konkrete prozedurale Froen, déi sech gestallt hunn, ze fannen.

An erlaabt mer, ouni dass ech elo déi aner Memberen hei wëlt an de Schiet stellen, mä am Numm vu menger Fraktioun awer nach eng Kéier onser Éminence grise, dem Paul-Henri Meyers - jo, elo kuckt e mech ganz erstaunt -, fir seng wäertvoll Aarbecht Merci ze soen, well hie war et eigentlech ëmmer, deen am Liicht vu sämtleche verfassungsrechtleche Prinzipie Léisungsvirschléi ugebueden huet.

Här President, d'CSV huet déi politesch Konklusioun vun der SREL-Enquêtëkommissioun a virun allem vun hirem Rapport net gedeelt. Mir haten dofir eng ganz Rei vu gudde Grënn. An d'Zäit, déi vergaangen ass, bestärkt eis eigentlech, dass mer nach ëmmer déi Grënn fir ubrecht halen.

Mir hunn awer gradesou daitlech gesot am Kontext vun dem Rapport vun der Enquêtëkommissioun, dass mer géifen zu de Rekommandatiounen, déi Gesetzesupassung virgeschloen hunn an dem Rapport, dass mer zu deene géife stoen. An dat ass fir eis also e weidere Grond, fir dëser Gesetzespropositioun zoustëmmen.

Dee wichtigste Punkt, dat schéngt fir eis deen ze si vun de méiglechen Interferenzen tëschent engersäits enger Enquêtëkommissioun an anersäits enger oft parallell lafender Justizenquête. An an der Geschicht, mir haten der net ganz vill, mä bei deene meeschten Enquêtëkommissiounen, déi mer an der Chamber haten, do huet sech eigentlech dee Problem ëmmer gestallt. An ech erlabe mer, do en Avis ze zitieren, deen eigentlech gemaach gouf vun zwee eminente belsche Constitutionnalisten, den Hären Delpérée a Lallemand, am Kontext vun där sougenannter, ech dierf elo net soen „Kralowetz-Affär“, soss kréien ech dat verdréit, mä „Transports routiers internationaux“ huet déi Enquêtëkommissioun offiziell am Joer 2002 geheescht.

Do hunn déi zwee Constitutionnalisten eigentlech geschriwwen, ech maachen dat kuerz: «La loi», also d'Lëtzebuerger Gesetz, «n'empêche pas ou ne suspend pas l'enquête parlementaire dès l'instant où des poursuites répressives sont engagées. Elle accepte la dualité des procédures.», also tant judiciaires que parlementaires, «Mais, faute de dispositions expresse de la loi», dat war also den Zoustand vun 2002, «il revient aux autorités publiques de trouver des solutions, fussent-elles empiriques, qui permettent d'assurer la coexistence de ces deux procédures et de permettre aux diverses institutions d'utiliser leurs prérogatives dans le respect des règles constitutionnelles.»

A grad aus deem Grond begrësse mir eigentlech als CSV d'Approche, déi finallement zréckbehalde gouf, nämlech dass, wann eng sougenannten „enquête préliminaire“ am Sënn vum Artikel 46 vum Code d'instruction criminelle bei der Justiz leeft, dass déi ka parallell zu enger Enquête parlementaire lafen. An ech mengen, d'Ursach ass och eng ganz konkret, well am Kader oder am Kontext vun enger Enquête préliminaire eenzel Moosnamen nëmme kënnen gemaach ginn, wann deejéinegen, op dee se gemaach ginn, säin Averstännis gëtt. Dofir ass et fir eis kee Problem an ech fannen dat eng gutt Léisung, dass an deem Fall, wann eng Enquête préliminaire ass, souwuel d'Enquête parlementaire wéi och d'Instruktioun vun der Justiz kënnen virulafen.

De Contraire ass allerdéngs de Fall bei enger sougenannter „instruction préparatoire“, well do kënnen och coercitiv Mëttele geholl ginn, dat heescht zwéngend Moosnamen ugewannt ginn. An do ass et am Sënn vun der Gewaltentrennung, mengen ech, ganz kloer, dass an deem Fall d'Justiz ëmmer muss federführend sinn.

De véierte Punkt, dat ass och dee vun enger pragmatescher Approche. Den Alex Bodry huet virdu gesot: Wéi sollen d'Deputéiert Scelléien zum Beispill leeën, wéi sollen déi gegebenenfalls eng Hausdurchsuchung maachen, eng Saisie maachen? An do mengen ech, dass et richtig ass, dass mer eis am Gesetz déi Méiglechkeet ginn hunn, dass d'Kommissioun, de President oder e Member dozou delegéiert ginn, fir esou Moosnamen ze maachen, mä virun allem, dass mer och d'Méiglechkeet schafen, fir esou Akte vun der Force publique oder de Forces de l'ordre maachen ze loosse.

Erlaabt mer awer, drop hinzewiesen, dass de Statsrot - et ass net erwähnt ginn, mä et steet awer am Rapport - drop opmierksam gemaach huet nämlech - an net zu Onrecht -, dass, wann esou eng Durchsuchungsmoosnam vun enger Force de l'ordre gemaach gëtt am Kontext vun enger parlamentarescher Enquêtëkommissioun, eigentlech déi Persoun, op déi déi Untersuchungsmoosnam gemaach gëtt, sief dat eng Perquisitioun oder eng Saisie, dass déi kee Rekursrecht huet. Si huet oder si hätt et awer am Kontext vun enger normaler Instruction judiciaire.

Ech mengen, et soll een hei wierklech an esou engem Fall drop oppassen, dass een do konfrontéiert wier mam Artikel 6 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun, deen d'Rechter vun der Défense verankert.

Ech mengen, et kann ee sécher argumentéieren, dass d'Finalitéit vun enger parlamentarescher Enquêtëkommissioun eng aner ass wéi déi vun engem Strofprozess, mä nach si mer als CSV der Meenung, opgrond vun deem spezifische Punkt hei, dass, wa mer sollten eng zukünfteg Enquête-parlementaires-Kommissioun hunn, dass déi soll äusserst virsichteg mat hire Pouvoirs d'instruction ëmgoen.

De fënnefte Punkt, dat ass dee vun deene sougenannten „procès-verbaux“ vun enger Enquêtëkommissioun oder Extraiten dovunner, déi Indices d'infraction virgesinn, dass déi dem Procureur d'État, deen dann territorial dofir zoustänneg ass, sief dat Dikrech oder am Regelfall d'Stad Lëtzebuerg, dass déi un dee weitergeleet ginn. Ech mengen, dës Moosnam, dat hu mer och deemools an der Enquête parlementaire vum SREL diskutéiert, déi ergëtt sech schonns aus dem Artikel 23 vum Code d'instruction criminelle, dee virgesäit eng gewëssen Dénonciatiounsflucht.

Mä och an deem Kontext wëlle mir als CSV d'Tragweid vun dem Droit de la défense ennersträchen. An do, mengen ech, zitieren mer nach eng Kéier d'Hären Delpérée (veuillez lire: d'Hären Delpérée a Lallemand), déi do subtil, mä eng ganz besonnesch Bemierkung maachen a schreiwen: «Si une infraction est relevée à l'occasion des travaux parlementaires, il convient qu'un procès-verbal soit dressé et qu'il soit communiqué au Procureur général.» Déi Iddi hu mer an onsem Text festgeschriwwen.

Mä da schreiwe se, an dat muss een och mat Virsicht kucken: «Dans cet esprit, le procès-verbal de la commission gagne à s'exprimer „de manière lapidaire“.» De manière lapidaire! «La commission prendra soin de ne rien y faire figurer qui entre en contradiction avec le principe du respect des droits de la défense.» Do ass et also oft: Weniger ist mehr! Well wat ee méi an de Procès-verbal vun der Commission d'enquête parlementaire draschreift, wat natierlech d'Marge de manœuvre vun de Justizautoritéiten, déi an deem Fall vun enger paralleler Enquête saiséiert wieren, méi enk gëtt. Ech mengen, och dorobber sollt een opmierksam maachen.

Sechsten a leschte Punkt, Här President: Den Artikel 12 vun der Gesetzespropositioun, wéi mer se stëmmen, dee gesäit vir: «La commission d'enquête présente un rapport public sur ses travaux. Elle y acte ses conclusions et formule, le cas échéant, ses observations quant aux responsabilités que l'enquête révèle et ses propositions sur une modification de la législation.»

Mir ennerstëtzen natierlech ausdrécklech als CSV, dass d'Bewäertung vun dem Rapport vun der Commission d'enquête parlementaire a senger Gesamtheit dem gesamte Chamberplenum virläit an dass se net iwwer iergendeng Konklusioun, déi an deem Rapport steet, eleng ze befannen huet.

Mä mir hunn awer och notéiert, Här President, an ech wëll dat mat Nodrock betounen, dass den Text, wéi en och elo nach eng Kéier festgeschriwwen ass, dass deen net seet «Le rapporteur», mä dee schreift «La commission d'enquête présente un rapport public sur ses travaux.» Dëst ass also an dem Rechtsverständnis vun der CSV net gläichesetz mat engem perséinleche Prérapport vun engem Rapporteur, dee säi Bericht dann am Virfeld, losse mer soen, an der Effentlechkeet zirkuliere léisst.

Här President, dat gesot, maache mer haut keng Vergaangenheitsbewälteung, mä d'CSV kuckt konstruktiv no vir.

A mat deenen Observatiounen, déi ech gemaach hunn, Här President, ginn ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dëser Gesetzespropositioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Roth. Nächste Riednerin ass d'Madame Joëlle Elvinger fir d'DP. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur an Auteur vun dëser Proposition de loi Merci fir säin exzellente schrëftlechen a méndleche Rapport.

Eng Enquêtëkommissioun gëtt nëmmen dann aberuff, wann iergendwou iergendeppes esou schifgelaf ass, dass den Intérêt public a Gefor geroen ass. D'SREL-Affär huet gewisen, dass d'Aberuffe vun esou enger Kommissioun net onbedéngt schéin an agréabel Momenten mat sech bréngt, fir kee vun deene Bedeelegten. An awer ass genau dëst heiansdo noutwendeg, fir den Intérêt public ze verdeedegen an Dysfonctionnementen opzedeecken an ze behiewen.

Den Intérêt public steet iwwer all Parteipolitik, iwwer all Frëndschaft oder Sympathie fir eng Persoun. Et war wichteg a richtig, dass d'Enquêtëkommissioun am Kader vun der Geheimdéngschtaffär aberuff ginn ass. Nach méi wichteg awer war et, dass d'Kommissioun och anstänneg schaffe konnt. Anstänneg schaffen heescht virun allem neutral an objektiv schaffen. Dat war mat all deem, wat d'Geheimdéngschtaffär mat sech bruecht huet, net ëmmer einfach.

Während där ganzer Affär huet sech erausgestallt, dass och d'Gesetz vum 27. Februar 2011 iwwert d'Enquêtes parlementaires net alle Gegebenheete Rechnung konnt droen an d'Aarbecht an der Kommissioun net méi einfach gemaach huet. Dës Proposition de loi, déi während den Aarbechten an der zoustänneger Chamberskommissioun op verschiddene Punkten nach kompléiert ginn ass, versicht d'Lacune vum 2011er Gesetz ze behiewen.

Et handelt sech hei also net ëm e politesch motivéierten Text, mä éischter ëm eng Lëscht vu

praktische Modifikatiounen vun engem Gesetz. Dës Modifikatiounen wäerten de Membere vun enger Enquêtëkommissioun, mä awer och de gehéierten Zeien an allen anere Bedeelegten d'Liewe méi einfach maachen. Dës Modifikatiounen ginn enger Enquêtëkommissioun awer och méi Pouvoiren, wat eis alleguerst sollt drun erënneren, wéi wichteg e verantwortungsvollt Émgoe mat dëse Pouvoiren ass.

Dat ass zum Beispill de Fall, wann d'Kommissioun an Zukunft op d'Force publique zréckgräife kann, fir Instruktionsmesuren ze exekutieren. Dofir begrësst d'Demokratesch Partei och explizit, dass dës Proposition de loi e besetzt Zesummespill tëschent Justiz a Chamber bei enger Enquête parlementaire virgesäit.

D'Demokratesch Partei ass dervun iwwerzeegt, dass dës Proposition de loi am Intérêt vun deem Land ass. An ech ginn och dofir den Accord vun der DP-Fraktioun zu dëser Proposition de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Elvinger. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wollt dem Alex Bodry, Auteur vun dëser Proposition de loi, Rapporteur iwwert d'Proposition de loi a President vun der zoustänneger parlamentarescher Kommissioun, Merci soe fir seng exzellente Aarbecht, fir säin ausféierleche méndlechen a schrëftleche Rapport.

D'Législatioun iwwert d'Enquête parlementaire ass schonn 2011 reforméiert ginn. Am éischte Praxistest an der parlamentarescher Enquête iwwert de Service de Renseignement sinn eng Rei Lacunen opgetrueden, déi zu enger gewëssener Rechtsunsécherheet gefouert hunn. Mat der Proposition de loi vun haut änneren mer näischt Fundamentales um Gesetz vum 2011. Mir maachen eng Rei Nobesserungen, déi de Rapporteur hei beschriwwen huet an déi och eisen ausdrécklechen Accord fannen.

Mat dësen Ännerungen gi mer och de Fuerderungen aus dem Rapport vun der SREL-Enquêtëkommissioun no, an ech maachen dann nach e bësse manner Vergaangenheitsbewälteung wéi mäi Kolleg Gilles Roth vun der CSV an ech bréngen ganz einfach den Accord vun der grénger Fraktioun zu dëser Proposition de loi.

Et bleift nach d'Fro vun der Ännerung vum Artikel 64 vun eiser Constitutioun, déi jo verbonne war och mat dëser Proposition de loi. déi gréng begrëssen ausdrécklech déi Neierung, dass eng Enquêtëkommissioun muss zesummekommen, wann een Drëttel vun den Deputéierten dat freet, an net just, wann eng Majoritéit et freet, wéi et bis elo ass.

Mir hunn eis awer, an dat ass och scho gesot ginn, wéi all d'Kollegen aus der Institutionskommissioun och, dem Avis vum Statsrot ralléiert, dass mer déi Ännerungen sollen am Kader vun der Proposition 6030 maachen, wou eng ganz Rei Ännerungen un der Constitioun ustinn. Mir ginn dervun aus, dass d'Iwwerschaffe vun eiser Verfassung net an all Eiwegkeet an d'Längt gezu gëtt. An dofir schéngt et eis och logesch ze sinn, elo keng esou punktuell Ännerung virzehuelen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Serge Urbany fir déi Lénk. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Natierlech kann een déi Debatt hei net féieren, ouni direkte Bezuch ze huelen op déi lescht Enquête, déi hei gemaach ginn ass vun der Chamber, déi iwwert de Geheimdéngschtsch. Ech mengen, dass déi Enquête eng Rei vu Saachen opgedeckt huet, net alles, politesch munches beweegt huet, an dat obscho se eigentlech - et war dem Här Roth seng Suerg virdu, dass een net sollt iwwerdreiw mat Saisien a Perquisitiounen zum Beispill -, net mat esou Mëttele, déi hir awer zur Verfügung gestanen hätten, geschafft huet.

Ech mengen, dass et naiv wier, fir ze verlaangen, iergendeen Dysfonctionnement vum Stat kéint opgedeckt ginn eleng bei enger politescher Diskussioun hei an der Chamber, am Plenum oder an enger Kommissioun. An ech mengen och, grad déi heiteg Majoritéit a virun allem d'DP an déi gréng misste wëssen, wat geschitt ass an deene leschte Joren: Eng Enquête ass gefuerdert ginn, eng parlamentaresch Enquête, si ass ofgelehnt ginn an der Affär Wickreng/Léiweng. Wat ass bei den Debatten duerno erauskomm? Näischt ass erauskomm, obschonn d'Oppositioun laang Froebéi agereecht huet!





Eng Enquête ass emol net méi gefrot gi bei der Affär vum Katar mat Cargolux. Wat ass beim Versprechen erauskomm vun der Regierung, Kloeerheet an där Affär ze schafen? Ausser engem Gefällegkeetsavis vun enger Consultance-Boîte, déi sech selwer hätt misse be-laaschten, awer hiren Avis nach deier ver-rechent huet, ass näischt erauskomm, a mir sinn ëmmer nach net gewuer ginn, wat geschitt ass am Virfeld vun deem Deal mam Katar.

Ech mengen einfach, dass eng Regierung net fräiwëlleg Saachen erausgëtt, déi si belaa-schten. Et brauch een dofir verschidde Moos-snamen. Et brauch ee verschidden Obligationen an et brauch een och, wann alles näischt déngt, Zwangsmoossnamen. Et brauch een zum Beispill e Gesetz zum Accès zu den Infor-mationen. Dat kann e wichtegt Element si vun der Wahrheitsfindung, net nëmme fir d'Chamber, fir d'Deputéiert, mä och fir d'Press a fir d'Bierger.

Esou e Gesetz iwwert den Accès zu den Infor-mationen ass jo ugekënnegt ginn. Mir waarden dorop. Mir hoffen awer just, dass et méi wäit geet wéi dee Code de déontologie, deem eis elo a Form vun engem Règlement grand-ducal virgeluecht ginn ass.

Ech mengen also, dass et och an Zukunft noutwendeg ass: Wann eng Regierung sech der Kontrollfunktion vun engem Parlament wëllt entzéien, da brauche mer esou een En-quêtégesetz, dofir steet dat Enquêtegesetz och an den Texter. Ech gehéieren zu den absolute Verfechter vun esou engem Enquêtegesetz! Well ech mengen, dass eleng eng Enquête, wéi se am Gesetz steet, d'Méiglechkeet schafft vu Moossname wéi Perquisitionen a Saisien, vum Héiere vun Zeien ënner Eed. An déi Zeie setze sech strofrectleche Konsequenzen aus, wa se e falschen Eed leeschten. Ech mengen, dass dat, esou wéi virun de Geriichter iwwre-gens och, absolut noutwendeg ass, wann ee wëllt der Wourecht méi no kommen.

E wichtegen Aspekt, mengen ech, an där heiter Gesetzesännerung ass deen: Wat geschitt, wann eng penal Enquête zesummefällt mat enger Enquête vun der Chamber?

Mir haten de Fall och souguer an der SREL-En-quête, déi zum Deel zesummegefall ass mam Bommeleer-Prozess. Et ass do gaangen ëm d'Implikatioun vum Geheimdengscht an d'Bommenattentat an den 80er Joren. An ech mengen, et ass haut net méi ofzestreiden, dass dat an iergendengem Mooss - wou déi ganz Envergure dovun nach net konnt er-grënnt ginn - effektiv de Fall war, dass et eng kloer Implikatioun ginn ass vun de Sécherheetsorganer vum Stat an déi Bomme-nattentat an den 80er Joren; eis Enquête huet esou Elementer geliwwert. Um Geriicht sinn nei Elementer derbäikomm.

An et ass mir zimlech kloer, dass dee Bericht, deen déi parlamentaresch Kontrollkommis-sioun vun Geheimdengscht an den 80er Jore (veuillez lire: 2008) geschriwwen huet iwwert de Stay behind an iwwert d'Implikatioun vum Geheimdengscht an déi Bommeleer-Affär, haut net méi esou kéint geschriwwen ginn. An dee Bericht huet zu engem kompletten Dé-douanement vun deem Service gefouert. Dat ass eppes, wat misst opgegraff ginn. Dat misst och haut nach opgegraff ginn!

Ech mengen, dee Prozess virun der Kriminal-kummer - ech wëll do e bëssen agoen op déi Trennung zwësche krimineller Enquête a poli-tescher Enquête -, deen hat jo zwee Voleten. Deen éischte Volet ass: Wien huet d'Bomme geluecht? Dat ass kloer e penale Fait. Dat kann nëmme e Geriicht nosichen.

Et gëtt awer och nach en anere Volet an der Bommeleer-Affär, dat ass dee politesche Volet. Dat ass de politesche Kontext vun den 80er Joren, deen esou eppes méiglech ge-maach huet. An do stelle sech eng Rei vu Froen: Op wat fir engem Niveau vum Stat wa-ren déi politesch Implikatioun bekannt? Wat fir eng Roll spillt dobäi - iwwergens haut nach - d'NATO-Zougehéieregkeet vu Lëtzebuerg? Oder hir besonnesch Relatioun mat den USA zum Beispill? Firwat a vu wem ass decidéiert ginn, betreffend déi Faiten net nëmme an der Poursuite pénale ze verhéieren, dass se opgedeckt ginn, mä och, se politesch doutze-schweigen, während awer zum Beispill an Ita-lien déi Saache politesch diskutéiert gi sinn?

Am Fong geholl huet d'Strofgeriicht, wat sech mam Bommeleer-Prozess befaasst huet, deelweis d'Roll misse spille vun enger Enquête-kommissioun, fir iwwerhaupt ze verstoen, wat de politesche Kontext deemools war vun där Saach, iwwert déi et verhandelt huet. An et konnt sech do mat Sécherheet net beruffen op de Rapport vun 2008, wat en „Weißwasch-Rapport“ war vum Geheimdengscht dee-mools, konnt sech awer zum Deel op eis En-quêtékommissioun beruffen, op Elementer do-rauser.

Aus all deenen Ursachen, well hei am Gesetz eng strikt Trennung gezu gëtt zwësche poli-tescher Enquête a penal Enquête, hunn ech mech an der Kommissioun géint déi Formuléie-rung am Gesetz ausgeschwat. Et kann net sinn, dass an alle Fäll, ënner allen Emstänn eng poli-tesch Enquête muss ophéieren, wann eng pe-nal Enquête ufänkt.

Ech mengen och, dass iwwert déi Berichter vun 2008 nach weider misst diskutéiert ginn. Et ass gesot ginn an der Kommissioun: „Dat ka jo geschéien an iergendenger Kommissioun. Oder souguer an der SREL-Kontrollkommissioun kann dat geschéien.“ Ech mengen awer, dass, wann et do geschitt, näischt wäert derbäi erauskommen.

An iwwergens weess jo dës Chamber, dass mir eis an der Enquêtekommissioun kloer derfir ausgeschwat hunn, dass d'Enquête net soll of-geschloss ginn, mä nach soll weidergoen, well eng Rei vu Saachen nach net opgedeckt konnt ginn.

Ech menge souguer, dass ënnert där neier Koalitioun, wou jo déi Partei, déi während där gan-zer Zäit permanent an der Regierung war, elo net méi an der Regierung ass, vläicht kéinten nei Aspekter erauskommen, vläicht kéinten nei Piéchen iergendwou optauchen, déi en neit Licht géifen op dat Ganzt werfen. Dir erlaabt mer jo e bëssen ze dreemen hei.

Mir kënnen dofir och, eleng weinst där Formu-leierung, déi elo an deem Text hei ass, deen Text net stëmmen. Ech wëll och nach betou-nen, dass et besser wier, mir géife gläichzäitig och hei eng Verfassungsännerung unhuelen, wou drasteet, dass een Drëttel vun den Depu-téierte kéint esou eng Enquête froen.

Ech mengen, dass dat ouni Zweifel méiglech gewiescht wier, dass ee sech do net hätt solle vum Statsrot berode loossen, fir dat der grou-ser Verfassungsännerung ze iwwerloossen. Mä ech mengen, dat hätt een och hei kënnen mat deem Gesetz hei zesummen diskutéieren. Em-sou méi, well ech och nach an der zoustänne-ger Kommissioun vun der Chamber, der Insti-tutionskommissioun, gefrot hunn, dass net nëmme soll een Drëttel vun den Deputéierten esou eng Enquêtekommissioun kënnen froen, mä dass och eng Minoritéit vun Deputéierten an der Enquêtekommissioun selwer soll d'Recht kréien, fir ze froen, zum Beispill, dass gewëssen Zeie kënnen gehéiert ginn oder dass gewëssen Akte vun där Kommissioun kënnen gesat ginn.

Well wann een dat nëmme ka maachen, wann eng Majoritéit vun der Kommissioun domadder d'accord ass, dann ass et esou wéi beim Ze-summeruffe vun enger Kommissioun, da ris-kéiert een nawell gären, dass da majoritär ge-sot gëtt: Neen, dat wëlle mer net. An ech fan-nen, och do misst d'Minoritéit an esou enger Enquêtekommissioun Rechter kréien, fir gewës-sen Enquêteschrëtter och selwer ze froen, fir dass se dann och geschéien.

Aus all deenen Ursache kann ech net esou tel quel deene Virschléi hei zoustëmmen. Obscho se eng Rei vu Verbesserungen, vu bessere For-muléierungen an esou weider bréngen, brénge se awer och wichteg Saachen, déi ech virdu kritiséiert hunn, mat eran.

An ech mengen, an Zukunft wäert et nach méi schwéier sinn, fir eng politesch Enquête ze maachen, wa gläichzäitig eng penal Enquête leeft, obschonn déi zwou Enquêtes, menger Meenung no, sech net mussen an alle Fäll total géigeniwwerlafen, mä eng Enquête ouni Pro-blem kéint déi aner Enquête dynamiséieren an hir Elementer liwweren, déi wichteg wieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Urbany. An d'Regierung huet d'Wuert, den Här Justizminister.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der Re-gierung dem Alex Bodry als Auteur vun der Pro-position de loi an och als Rapporteur an all senge Kommissionsmembere Merci soe fir d'Initiativ an déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass. Eng Aar-becht, déi natierlech, ech soen emol, zu 95% Chambersinterna betrëfft, zu deene sech dann och d'Regierung net wëllt äusseren.

Ech wëll awer och als Verrieder vun der Regie-rung ënnersträichen, dass déi Commission d'enquête ronderëm de SREL net nëmme gewis-sen huet, dass et Nobesserungsbedarf gëtt am Gesetz, mä dass déi Kommissioun awer och be-wisen huet, wéi wichteg dass dat Instrument, wat mer hei zu Lëtzebuerg hunn, och ass. An ech mengen och - wéi eenzel Virriedner dat scho gesot hunn -, dass een dës Proposition de loi zesumme soll kucke mat där envisagéierter Revisioun vun der Verfassung, nämlech dee Passus, deen engem Drëttel vun den Depu-téierten d'Recht soll ginn, eng Enquêtekom-missiou anzeberuffen. An déi zwou Saachen

zesummen, mengen ech, wäerten op där hei-ter Fro derfir suergen, dass mer insgesamt eng besser Situatioun hunn.

D'Regierung ass awer e bësse beträff duerch déi Texter, déi mer haut maachen. Eng éischte Kéier doduerch, dass och d'Chamber kann zrëckgräifen, fir zum Beispill d'Scelléen ze ap-poséieren, op Membere vun der Force publi-que. Domat huet d'Regierung ausdrécklech kee Problem. Mir mengen effektiv, dass do eng Ze-summenaarbecht ubruecht ass.

A virun allem sinn ech awer frou - an do deelen ech dem Här Urbany seng Meenung net ganz, deels kann ech se novollzéien, ech deele se awer net ganz - iwwert déi spannend Fro, wéini eng parlamentaresch Enquête soll kënnen stoe bleiwen zugonschte vun enger Initiativ vun de Justizautoritéiten.

Theoretisch kann ee sech wierklech virstellen, dass een dat ka parallell lafe loossen. Et geet och sécher deelweis. Do kënnen och Elementer wierklech dra si vun Dynamiséierung vu béiden Enquêtes. Wat den Här Urbany awer net er-wähnt huet, dat ass awer déi Gefor, déi dann och mat besteet, nämlech déi vum Torpedéiere vun där anerer Aarbecht.

Mir lafe reell Gefor, wa mer net genau wëssen, wou d'Ligne de partage muss gezu ginn, dass Elementer, déi an där politescher Enquête gesat ginn, kënnen dozou féieren, dass Rechter vun der Défense léséiert ginn am Kader duerno vun de judiciairen Initiativen. Dat kéint dozou féie-ren, dass och Leit missten eventuell fräige-sprach ginn, well eenzel Elementer polluéiert wieren duerch déi politesch Enquête. An dat ass awer och eng ganz reell Gefor, déi kann een net einfach ignoréieren.

Dofir, ech deelen zum Deel, wat Der sot, Här Urbany, mä Dir sot awer net alles, wat een do-zou muss soen. A wann een alles an Erwägung zitt, da kann dat hei natierlech eng Solutioun sinn, déi och emol déi eng oder déi aner Kéier - esou oft geschitt dat jo och net, glécklecher-weis - tatsächlech ka vläicht als eng ze fréi age-häite Brems wierken, dat mag sinn! Mä dat ass awer déi eenzeg Solutioun, déi eis garantéiert, dass an all de Fäll déi judiciaire Enquêtes net wäerten torpedéiert ginn duerch déi politesch.

Heimadder hu mer weinstens déi Garantie. An dat ass net näischt! Dofir ënnerstëtzen ech als Justizminister ausdrécklech dës Ligne de par-tage, och wann ee se heiansdo ka méi wäit zéien. Mä hei wësse mer genees, wat mer maachen.

Och dee Kompromëss, dee fonnt ginn ass, fan-nen ech e ganz rasonabelen. Dee berout a fousst op Bestehendem. Mir wëssen, wat mer do maachen. Mir wëssen, op wéi een Terrain dass mer ginn. An dat halen ech weinst den As-pekter vun der Rechtssécherheet a vun der Kloeerheet vun Partage fir déi besser Solutioun. Déi aner kann ee sech politesch wënschen, mä si biergt Geforen, Här Urbany, déi mer net mai-trisiéiere géifen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Justizminister. Mir wäeren domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mer géifen zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 6623 iwwergoen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6623 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

60 Deputéiert hunn un der Ofstëmmung deelgeholl. 58 hu mat Jo gestëmmt an 2 Abs-tentionen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marc Spautz), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

Ech ginn dovun aus, dass déi Abstentione mo-tivéiert sinn, an ech géif dann de Projet als adoptéiert erklären an d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungs-méissege Vote ze ginn.

#### (Assentiment)

Dat ass de Fall. Dann ass dat esou decidéiert. Merci.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Diskussioun vun der Proposition de loi 6558 iwwert d'Unzuel vun Deputéierte pro Wahlbezierk. Déi Proposition de loi ass vum Här Gibéryen abruecht ginn.

An de Rapporteur, den Här Franz Fayot, huet direkt d'Wuert. Här Fayot.

### 17. 6558 - Proposition de loi portant fixation du nombre de députés à élire par circonscription électorale

#### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President.

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, dës Proposi-tion de loi ass, wéi gesot, duerch den Depu-téierte Gast Gibéryen den 21. Mäerz 2013 dé-poséiert ginn. Si ass laut eisem Règlement vun der Chamber als recevabel erkläert ginn. Si ass dun un d'Regierung weidergeleet ginn, déi se un de Statsrot ginn huet.

De Statsrot huet säin Avis den 8. Oktober 2013 iwwerdroen an de Projet ass dun an d'Insti-tutionskommissioun komm. D'Institutionskom-missiou huet sech an hirer Sitzung vum 2. Abrëll dëst Joer mat deem Projet hei auseree-gesat an ech sinn och an där Réunioun als Rapporteur bestallt ginn. Ech hunn den 2. Juli 2014 dee Rapport presentéiert, deen dun och mat e puer Modifikatiounen ugeholl ginn ass.

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, dës Proposi-tion de loi proposéiert eng Ännerung vum Arti-kel 117 vum Wahlgesetz vun 2003. Dir wësst, dass d'Zuel vun den Deputéierte pro Wahlbe-zierk duerch d'Gesetz vum 20. Dezember 1988 festgeluecht ginn ass op eng fix Zuel pro Be-zierk. Dir kennt se, mä ech rappeliéiere se just kuerz: Dat sinn der 21 fir den Zentrum, 7 fir den Osten, 9 fir den Norden an 23 fir de Sü-den. An et ass u sech dës Opdeeling, déi vun der Proposition de loi vum Deputéierte Gibé-ryen kritiséiert gëtt.

D'Grondkritik ass, dass aus dësem System dem Auteur vun der Proposition de loi no eng On-gerechtegkeet entsteet, well eng Stëm net déiselwecht Gewichtung huet an all Bezierk. An et ass effektiv wouer, dass a verschiddene Bezierker eng Lëscht méi Stëmme muss kréien, fir en Deputéierte kënnen an d'Chamber ze schécken, wéi an aneren.

Vun deem Constat oder vun där Meenung aus-goend, mécht den Auteur vun där Proposition de loi zwou Ännerungsproposen. Déi éischst ass déi, fir d'Referenz op déi wahlberechtiggt Popu-latioun ze maachen, an net méi wéi bis elo op d'Awunnerzuel an deene verschiddene Bezier-ker. An déi zweet Propos ass, fir bei all Wahl eng nei Festsetzung vun der Zuel vun den Depu-téierte pro Bezierk ze maachen, opgrond vun enger nationaler Moyenne vun der wahl-berechtigter Populatioun, ouni allerdéngs och an dësem neie Mode de calcul déi 60 Depu-téiert a Fro ze stellen, déi elo am Gesetz stinn.

Et ass, mengen ech, net onnätzlech, op dësem Punkt vläicht ze rappeliéieren, wou dës Kom-promëss hierkënn, wou d'Gesetz vum 20. Dezember '88 hierkënn.

#### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

E kënn hier aus der Period 1983-1988. D'Po-pulatioun war vun 340.000 1971 op bal 365.000 Awunner 1981 gewuess an et war kloer virun de Wahlen 1984, dass d'Zuel vun den Deputéierte géif vun 59 op 64 eropgoen. An et war deemools eng hëtzeg Diskussioun an och an der Opinion publique eng gewëss Emo-tioun par rapport zu deem Phänomeen vun der Inflation vun den Deputéierten, dat heescht deem Wuesse vun der Chamber vun 59 op 64, soudass d'Parteien, déi dräi grouss Parteien, d'CSV, d'LSAP an d'DP, deemools '83 schonn den Engagement geholl hunn, fir no de Wah-len '84 vu 64 erëm zrëckzekommen op d'Zuel vun 59.

Déi parlamentaresch Aarbechten zum Gesetz, wat schlussendlech sollt d'Gesetz vum 20. Dezember '88 ginn, weisen, an déi politesch